ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Infrastruktur- an Transportminister weiderzeleeden.

LuxTram ass eng anonym Gesellschaft (S. A.), déi vum Lëtzebuerger Staat an der Stad Lëtzebuerg gedroe gëtt. Mä d'Astellungskritäre vun där Entreprise si fir Lëtzebuerger Verhältnisser schwéier nozevollzéien a schéngen mat dem Geescht vun eiser Legislatioun iwwer d'Sproochen net compatibel ze sinn. Sou gëtt z.B. an enger Postebeschreiwung fir e Mecanicien vu fixe Strukturen déi franséisch Sprooch als indispensabel dohigestallt an ausdrécklech verlaangt. Déi selwecht Sproochenexigenze gëtt och bei anere gesichte Beruffsprofiler bei Luxtram.

Lëtzebuergesch an/oder Däitsch wäre just „e Virdeel". Zu deem Aarbechtsprofil hätt ech e puer Froen:

1. Mat wéi engem Recht diskriminéiert eng Lëtzebuerger Entreprise, déi an ëffentlecher Hand ass, déi zwou Amtssprooche Lëtzebuergesch an Däitsch géintiwwer dem Franséischen?
2. Huet LuxTram an iergend enger vun hire Publikatiounen dës oder eng ähnlech Formuléierung gebraucht: „le français – langue officielle de LuxTram"? Wa jo, wéi eng rechtlech Basis gëtt et dofir?
3. A wéi enger Sprooch gëtt bei Luxtram kommunizéiert?
4. Sollt d'Äntwert op déi viresch Fro net Lëtzebuergesch sinn, wéi kann den Här Minister zouloossen, datt an enger 100 Prozent Lëtzebuerger Entreprise, déi vum Lëtzebuerger Steierbezueler a vun den Taxe vun de Bierger aus der Haaptstad bezuelt gëtt, eng aner wéi eis Nationalsprooch als Haaptkommunikatiounssprooch gebraucht gëtt?
5. Goufe scho Leit bei LuxTram engagéiert, déi kee Lëtzebuergesch kënnen?

6. Ass de Minister d'accord, fir ze soen, datt am Sproochegesetz vun 1984 eleng d'Lëtzebuergescht e besonnesche Status als Nationalsprooch kritt huet an datt déi aner zwou Sproochen, déi am Gesetz genannt ginn, an där Logik däitlech manner Bedeitung am dagdeeglechen Ëmgang an op der Aarbechtsplaz hunn wéi d'Nationalsprooch?
7. A wéi engem Sënn ass d'Maîtrise vum Franséische fir e Mecanicien beim Tram indispensabel?
8. Ass mam Schoulministär ofgekläert, wéi wäit en Handwierker aus enger Lëtzebuerger Schoul deem do Profil iwwerhaapt ka gerecht ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten